PIRATEN

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21te Januar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister souwéi de Finanzminister weiderzeleeden.

De Premierminister huet eis parlamentaresch Fro n°1290 mat engem Saz evakuéiert. Dëst ass keng zefriddestellend Äntwert dofir erlabe mir eis d'Froen nach eng Kéier ze stellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe nach eng Kéier stellen:

1. Ënnert wéi engem Posten am Budget sinn d'Remuneratiounen, déi d'Verwaltungsréit an d'Staatskeess iwwerweisen, erëmzefannen? Falls d'Remuneratiounen néierens als Recette am Budget opgefaasst sinn, firwat net?
2. Wéi héich war, opgelëscht pro Joer säit 2015, de Gesamtmontant u Rémunératiounen, déi vun alle Verwaltungsréit, an denen de Staat deelhëllt, an d'Staatskeess iwwerwise goufen ?
3. Ënnert wéi engem Posten am Budget sinn d'Indemnitéiten, déi de Regierungsrot de Fonctionnairen accordéiert, erëmzefannen? Falls d'Indemnitéiten néierens als Dépense am Budget opgefaasst sinn, firwat net?
4. Wéi héich waren, opgelëscht pro Joer säit 2015, d'Gesamtmontanten un Indemnitéiten, déi de Regierungsrot de Fonctionnairen an de Verwaltungsréit accordéiert huet?
5. Falls d'Regierung keng vu menge virege Froe mat konkreten Zuele beäntwerte kann, wäert se d'Prozedur vum modifizéierte Gesetz vum 25. Juli 1990 méi transparent gestalten?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN a Sven CLEMENT
Députéiert